association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 12.10.18

No eisem Communiqué vum 26. September huet de MENJE ganz schnell reagéiert an d'Decharge fir d'Regence am ESC erëm op eng Schoulstonn eropgesat!
Am ESG an an der FP mussen déi selwecht Konditiounen wéi am ESG ugewannt ginn an zwar eng Schoulstonn Decharge. Mir verlaangen transparent Critère fir d'Decharge vun der Regence, déi an all Gebai gläich ugewannt musse ginn.

Mir verlaangen, datt de Minister schnellst méiglech seng aner Spuermoossnamen zeréckzitt: all Dechargen fir Engagementer, déi d'Enseignante am Déngscht vun de Schüler a fir d'Schoul leeschten, zum Beispill Cours d'appui, Mini-entreprise, Activités parascolaires, etc., mussen erëm esou wéi déi lescht Joren comptabiliséiert ginn!

Zanter dem 1. Oktober 2018 ass d'Gesetz vum Zäitspuerkont (CET) a Kraaft. D'Enseignante kënnen domadder all Joer hier Iwwerstonnen bis maximal 20% vun hirer Basistâche (also 4,4 Schoulstonnen pro Woch bei enger voller Tâche) uspueren, fir zu engem spéideren Zäitpunkt eng partiell Tâche oder souguer eng Année sabbatique unzefroen (déi accordéiert gëtt "sous condition que les nécessités du service ne s'y opposent pas"). De maximale Congé (Congé épargne – temps plus d'Schoulvakanzen), dee mir eis kënnen uspueren, ass ee Schouljoer.
Leider ass eise Ministère nach net prett, elo schonn mat der Comptabilitéit vum Zäitspuerkont unzefänken an déi praktesch Uwendung ass nach net an all Detail bekannt. Dëst ass awer d'nächst Joer de Fall a mir roden all deene Kollegen, déi elo scho wëllen dovunner profitéieren, dëst Joer keng oder manner Avancen unzefroen, fir d'Iwwerstonnen bei der Ofschlossrechnung vun hirer Tâche vun 2018/19 op den Zäitspuerkont gesat ze kréien. Wann Dir Iech dann awer decidéiert Är Iwwerstonnen ausbezuelen ze loossen, kënnt Dir dat dee Moment nach ëmmer maachen.
Mir hunn de MENJE gefrot, eng Circulaire un all Gebaier ze maachen fir eng eenheetlech Ëmsetzung vum CET schonn dëst Schouljoer ze kréien.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif André Berns
Marco Breyer
Patrick Beil
Gilles Everling

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426